Virun engem geschloene Joer hu mäer schonn zesummen op dëser Plaz géint TTIP a CETA manifestéiert. 2000 Leit wuaren dunn dem Opruff vun 20 Organisatiounen nokomm.

1 Joer drop si mäer zu méi wéi duebel esou vill! Dat weist, datt di Beschwichtegungsversich vun der Politik net gräifen!

Mäer si wäit dervun ewech de Match gewonnen ze hunn, ma awer: **wéi wichteg wuar an ass weiderhin dëse Protest!**

Mäer soten deemools: CETA an TTIP sinn eppes wéi den Dracula. Se scheien d'Liicht, well dat verdroe se net. An och wann et ëmmer an ëmmer erëm probéiert gëtt se am däischteren ze halen. Dat geléngt och dank eis net méi, mäer hu se un d'Liicht bruecht! Mäer kucken op d'Fangeren! An dat huet e net gutt gedoen...

Wat ass sech d'Kommissioun - just als ee symboleschte Beispill - eng siche gaangen wéi si gemengt huet, si kéim einfach esou mat de Liesraim fir Deputéierten duerch, déi do ouni Bic a Blat sollten honnerte Säiten juristesch Texter an 1-2 Stonne pro Dag liesen an dono vergiesse wat se gelies hunn... Lächerlech huet sech d'Kommissioun bei de Leit gemaach an definitiv gewisen, wat si ënnert Demokratie versteet. **A mäer hu kloer gewisen, a mäer weise kloer weider, datt mäer eppes ganz aneschters drënner verstinn!**

Wann haut d'Kommissioun, d'Handelskommissärin Malmstroem an eenzel Befürworter Statement op Statement musse maachen fir ze probéieren ze erklären wéi vermeintlech gutt hiren Text soll sinn, wa si sech ëmmer erëm rechtfertege mussen, dann ass dat och eise Succès. A wa si zu Recht ëmmer manner gegleeft kréien, och!

A wann haut ebeemol d'Lëtzebuerger Parteie fannen, datt TTIP awer keng esou eng gutt Saach ass, dann ass dat well ëmmer méi Leit op déi eng oder aner Aart a Weis weisen, datt si dat do net wëllen! A mäer wäerten alles duerfir maachen, datt si bei TTIP net hannert hier Wierder kenne goen. **TTIP ass a muss an däer Form dout sinn! A genau esou mussen et och eis Regierung an eis Parteien endlech kloer soen!**

3,5 Millioune Leit hu mëttlerweil an Europa d'Petitioun géint CETA an TTIP ënnerschriwwen. E gewaltegen eemolege Succès. Mäer hu gemeinsam bis elo wichteg Zwëschenetappen gewonnen.

Ma elo si mäer an der entscheedender Phase. CETA soll a genau 10 Deeg - den 18ten Oktober – och nach hei zu Lëtzebuerg op engem Conseil ënnerschriwwe ginn!

CETA ass, an dat ass elo vum Veronique duergeluecht ginn, kee Jota besser wéi TTIP. An et kann een et net oft genuch soen: wien de Géigendeel behaapt huet weder en Text nach eng Analyse dervu gelies oder e litt bewosst. Ech weess net wat schlëmmer ass...

An eigentlech hu jo och Deeler vun eiser Regierung dat unerkannt. Well wann esouwuel déi Gréng wéi déi sozialistesch Partei soen, si géingen hier Zoustëmmung zu CETA bei der Ofstëmmung an 10 Deeg vu wichtege Nobesserungen an Zousazprotokollen ofhängeg maachen, da weist dat dach kloer op, datt CETA net esou gutt ass, wéi alt verschiddener eis wollte gleewen doen.

Mir an all ONGen europawäit hu ni un déi Zousazprotokoller gegleeft, well esou e Protokoll jo net kann am Widdersproch zum Vertrag als solche sinn, a CETA als solchen ass net tragbar!

Ma souguer déi wou gemengt hunn, se wieren en Allheelmëttel goufen eppes besseren beléiert.Dësen Donneschden den Owend, virun 2 Deeg, goufen des Protokoller geleaked. Um Rand: se goufen erëm net normal vun der Kommissioun verëffentlecht an zur Debatt gestallt, ma hunn erëm misse geleaked ginn**. Wat en neit Aarmutszeugnis fir eng EU-Kommissioun ënnert dem Jean-Claude Juncker.**

Ma déi intransparent Virgoensweis ass dës Kéier nach bal dat mannst: **wat d'Kommissioun do als Zousazprotokoller verkafe well, dat nennen anerer Reklammsblad oder en Text um Niveau vun enger Vakanzebroschür!** Si hu mol net annähernd de Numm „Protokoller" verdéngt. Et ass e Publicitéitstext an deem nach eng Kéier gezielt gëtt, wéi gutt si sinn. Déi Pubtexter sinn a kenger Form juristesch verbindlech formuléiert, net aklobar, ouni iergend e Bezuch zu de reellen Artikelen vu CETA, Platituden a Verspriechen wou zeguer all net Jurist d'Hänn iwwert dem Kapp zesummeschléit. **An datt déi Zousaz-Protokoller esou schlecht sinn an emol net minimal Verbesserunge bréngen, weist definitiv wuer d'Rees soll higoen a wei wichteg et ass, datt mäer eis weider wieren! Mäer loossen eis - ech soen dat esou kloer - net fir blöd verkafen a loossen eis näischt virgaukelen! Déi Reklammssloganen sinn de Pabeier net wäert wou se drop stinn.**

Et sinn haut och Leit vun der Sozialistescher an der Grénger Partei hei. Dir hutt decidéiert dir géift de Jo fir d'Ënnerschrëft bei CETA an 10 Deeg vun der Qualitéit vun dësen Zousaztexter ofhängeg maachen. Elo wou se geleaked goufen: d'Kommissioun mëscht iech et eigentlech einfach: zu esou engem schlechten Text deen weder inhaltlech nach juristesch d'Riicht hält kënnt dir manner wéi jee jo soen. Dir wësst et: déi do Texter garantéieren eis kee Vorsorgeprinzip, hiewe net ob, datt Investisseuren kënne Staate viru private Gerichter op Milliounen- oder Milliardeschued verkloen well si Decisiounen am Sënn vun der Allgemengheet geholl hunn wéi et hier Aufgab ass, stelle net sécher datt net och staatlech Servicer oder d'ëffentlech Beschafung méi liberaliséiert ginn... a villes méi. Déi Texter ännere glat a guer näischt um Geescht an der Orientéierung vu CETA.

Déi Lénk an d'Kommunistesch Partei soten Neen zu CETA. Och dir däerft net Mattäter sinn, sot e kloren Neen zu CETA! Drot net d'Responsabilitéit vum jo! A mir erwaarden dat iwwregens och vun enger DP, déi scheinbar emol nach net de Courage hat sech ze äusseren, a vun enger CSV.

Ma eigentlech geet et mëttlerweil ëm vill méi wéi ëm CETA an TTIP: Et geet ëm de Fong an d'Substanz vun eiser Gesellschaft!

- **Et geet ëm d'Glafwierdegkeet vun der Politik**. CETA an TTIP gi net korrekt diskutéiert. Et ass net gesond, wann eng Entscheedung an enger Partei fir oder géint CETA zu enger Decisioun fir oder géint e Spëtzekandidat ëmgewandelt gëtt – wann den Androck entsteet, datt de Choix fir e Jo oder Neen zu CETA net aus Sachargumenter ma aus Regierungs- a Koalitiounsgrënn fäLlt – Et ass enger Chamber net wierdeg wa si averstanen ass eréicht een Dag virun der Ënnerschrëft am EU-Ministerrot iwwert den zur Ënnerschrëft stoenden Text ze schwätzen - a villes méi... **Mäer si net naiv. An awer : eis Demokratie funktionéiert nëmmen op Austausch vun Argumenter an enger politescher Serenitéit! An duerfir steet d'Glafwierdegkeet vun der Politik um Spill!**

- **Et geet och ëm d'Aart a Weis wéi Decisioune falen**: Wann 20 Organisatiounen mat ganz fachlechen a sachlechen Argumenter géint Accorde sinn - wann haut esou vill Leit op der Strooss sinn - da ka keng Regierung zu dësem Ablack jo soen. Da musse mäer zumindest nach schwätzen. **Eng Regierung däerf sech net esou weit ewech bewege vun de Leit, vun den Organisatiounen aus dem sozialen, ekologeschen, verbraucherschützeresche Bord! Dat deet kenger Gesellschaft gutt.**

- **Et geet awer natierlech drëm wéi eng Hierarchie vu Wäerter mäer wëllen:** d'Hierarchie a CETA an TTIP ass kloer. Et ass e Wettkampf mam Ziel vun der Primotéit vum globaliséierte neoliberale Muart fir multinational Konzerner a vun dem neie Blockdenken: mäer mat Amerika a Kanada géint Russland, China asw. Eng Wahnsinnscourse gëtt lancéiert: wie net matmëscht, ass verluer. **Ma déi do Course ass net déi wou d'Majoritéit vun de Leit wëll. Dat do Ziel vun der Course deele mäer net!** Mäer wëllen net déi do Course mat Konkurrenzkampf, Delokaliséierung, Rivalitéit; Muecht vun de Konzerner ... mäer trieden an fir e Muart am Déngscht vum Mënsch, wou déi wichteg a sënnvoll ekonomesch Entwécklung

sech an de Schranke vu sozialen, etheschen an ekologesche Kritären mescht... a jo, waméiglech och regional an ob alle Fall am Respekt vun de sougenannten Entwécklungslänner. **Duerfir: CETA an TTIP sti fir e Choix wéi mäer muar liewen an eis Gesellschaft organiséiere wëllen.**

- **Et geet ëm de Fonctionnement vun der EU an eisem Rechtsstaat:** Ech kommen zeréck op déi Sondergeriichter, déi sollen agefouert ginn, fir auslännesch Investisseuren besonnesch ze schützen. Et gëtt absolut, awer absolut kee Grond, firwat eis Gerichter net méi géingen duergoen! Dat eenzegt wat gesot gëtt, dat ass, datt a Länner wéi der Ukrain Gerichter net funktionéieren a mäer se duerfir brauchen... Ma wann dat de Fall ass, da brauchen déi besser Gerichter a net eis mussen a Fro gestallt an eise gewuessene Rechtsstaat duerch eng Paralleljustiz a Fro gestallt ginn! Wann d'EU souguer bereet ass, aus vermeintleche Schwächten vun engem Land, un d'Fundament vum Rechtsstaat reselen ze goen, da si mäer weit komm an der EU. Da klappt déi EU net. A wann déi Ausso vun engem letzebuerger Regierungsmember richteg wäer – wat mäer net fannen - datt et egal wäer wat eis Regierung zu CETA géing soen a mäer eis dowéinst kee Kapp sollte maachen mäer kriten d'EU-Decisioun souwisou net beaflosst: **Wéi sollen dann d'Lëtzebuerger Bierger nach hannert der EU stoen, wann déi esou funktionéiert?**
- **An et geet net zu läscht ëm de Geescht vun der EU als sollech:** Ech hu gëscht nach en Interview vum Martin Schulz gelies, wou seet, si missten als EU de Bierger hier Ängschten huelen soss géing Rietspopulismus weider zouhuelen. Ma mäer muss kee meng Ängschten huelen. Ech erwaarden vun der EU eng Politik, an där sech net déi neoliberal Tendenzen duerchsetzen, wou offen an transparent funktionéiert, wou demokratesch Grondregele vum Rechtsstaat gëllen, net de verlängerten Arm vun der Wirtschaft ass, wou et net gestatt ass datt den ehemolegen EU-Kommissiounspresident Barroso einfach esou bei Goldman Sachs geet a villes méi.

  Dës Jalon'en muss d'EU ganz konkret setzen amplaz vun ewech huelen vun Ängschten ze schwadronéieren.

  Un dem Kapp vun der EU steet jo e Lëtzebuerger, e Lëtzebuerger, wou ëmmer erëm zu Recht widderhëllt wéi wichteg him d'EU fir de Fridden ass asw. an datt d'Leit dat missten gesinn. Jo, dat Argument erkenne mäer un! Ma dat geet eis net méi duer. **Wann déi EU do ofrutscht an e neoliberalt ondemokratescht Bündnis ... dann ass dat net mei eis EU! An och dorëms geet et bei CETA an TTIP ! Ëm de Modell vun Europa an Zesummesinn die mäer wëllen.**

An aus all dëse Grënn stinn esou vill Leit géint CETA an TTIP op.

CETA an TTIP sinn a bleiwen en Ugréff op Demokratie a Rechtsstaat. Si wäerte just derzou féieren datt de Gruef tëschent Politik an de Leit an der Zivilgesellschaft méi déif gëtt, datt nach méi Leit der Politik de Réck dréien an dat populistesch Tendenzen zouhuelen.

Well d'Bierger d'Impressioun hunn, datt net méi si, mee d'Kapital a Wirtschaftsinteressen iwwer hir Käpp decidéieren.

Mäer hunn als Bierger duerch eis Stëmmen Zwëschenetappe gewonnen. Eise Protest geet weider. Loosst eis weider opstoen, manifestéieren géint déi do Entwécklung vun eiser Gesellschaft a fir eis Wäerter vu Solidaritéit, Mateneen, Ekologie a Soziales!

Neen zu TTIP. Neen zu engem ënnerschreiwen vun CETA den 18. Oktober.

Hear the people sing!